Aktiv ginn am Mouvement Ecologique !

Sech engagéieren an engem Projet an hëllefen eppes un d'Rullen ze bréngen !

<u>Matarbecht am Meco:</u>
Dir sidd interesséiert am Mouvement Ecologique matzeschaffen?
Mee Dir wësst net wéi a wou? Da kommt laanscht op engem labberen Austausch!

Hutt Dir Iech schonn heiansdo geduet: et wär flott bei dëser oder däer Aktioun, Stellungnahm beim Mouvement matzemaachen? Sief et national oder an Ärer Gemeng / Regioun? Oder an engem Beräich wéi dem Naturschutz, der Ëmweltpolitik, der Gesondheet / der Ernährung, der Energie, dem Klimaschutz, der Mobilitéit, der Entwécklung vun eisen Uertschaften…
Ma Dir wosst awer net esou richteg wéi dat kéint ausgesinn? A wéi vill Zäit dat géif verlaangen?
Hutt Dir Iech schonn heiansdo Froen iwwert d'Strukturen / d'Aarbechtsweis vum Mouvement gestallt a ni eng richteg Geleeënheet gehat dat nozefroen?
Hutt Dir vläit och nei Iddien, wou Dir mengt, datt am Mouvement kéinten opgegraff ginn?

Wëllt Dir dem Verwaltungsrot vum Mouvement e puer Iddieën mat op de Wee ginn...
Da kommt einfach bei eis laanscht: mir invitéieren all Interesséierten an engem mi labberen Kader op en Austausch zum Thema an zwar den
<u>Dënschden, 24. Februar 2015 um 18.30 am Bistro vum Oekozenter Pafendall, 6, rue Vauban, Stad.</u>

Fir datt den Owend gemittlech gëtt, gëtt et e puer Häppecher vum veggie-table Grupp vum Mouvement Ecologique. Duerfir wär et och léif wann Dir Iech géift speitstens 3 Deeg am Virfeld umellen, datt mir och genuch z'iessen hunn: meco@oeko.lu oder rufft un um 439030-1.

Wann Dir deen Owend keng Geleeënheet hutt fir laanscht ze kommen an awer interesséiert sidd, da mëllt Iech bei eis, da fanne mäer en anere Wee fir en Austausch: meco@oeko.lu, tel. 439030-1

Dësen Owend riicht sech u jiddwereen, deen de Mouvement méi wëll kënne léieren, sief et datt een dono och aktiv wéilt matschaffen, oder datt een sech einfach just op engem Owend wëll iwwert de Mouvement informéieren.